



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

Dossier suivi par : M. André LOOS
tel : 247-82530



Réf.: 485/19

Monsieur Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le
Parlement

LUXEMBOURG

Luxembourg, le 26 août 2019

Objet: Question parlementaire n° 993 de l'honorable Député Marc Goergen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, ma réponse à la question parlementaire citée sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Le Ministre de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural,

Romain SCHNEIDER



Réponse de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural à la question parlementaire n° 993 de l'honorable député Monsieur Marc Goergen

Mat Bezuch op den Artikel 6 Paragraf (2) vum Déiereschutzgesetz, wéi eng a wéi vill vu deenen uewe genannten Autorisatiounen huet den Här Landwirtschaftsminister ausgestallt?

Zënter dem Akraaftrieden vum Déiereschutzgesetz huet den Landwirtschaftsminister, gemäss dem Artikel 6, Punkt 2, folgend Autorisatiounen erstallt:

- 11 fir Kaatzenzüchter
- 9 fir Hondszüchter
- 2 fir Déierecommerce
- 8 fir Déierepensiounen.

Bei wéi villen Déierenzüchter goufen 2018 an 2019 Infraktiounen konstatéiert, well se keng gëllig Autorisatioun nom Artikel 6 (2) haten? Wéi vill Kontrollen goufen insgesamt an der selwechter Period duerchgefouert?

Et goufen keng Infraktiounen festgestallt. Fir all Autorisatioun déi ausgestallt gouf, ass en Avis vun der Veterinärsverwaltung gefrot ginn. Dësen Avis berout op enger Analyse vum Dossier an och op enger Visite des lieux betreffend d'Infrastrukturen an d'Équipementer.

Ginn verschidden Déierenannoncen an Zeitungen oder am Internet vun der Veterinärsinspektioun iwwerpréift?

- Falls jo, wéi vill Déierenhändler goufen 2018 an 2019 kontrolléiert? Wéi vill vun dësen Déierenhändler waren an Infraktioun mam Gesetz?
- Falls nee, ass de Minister der Meenung, dass all d'Déierenzüchter zu Lëtzebuerg hir Aktivitéiten deklaréieren?

Déi verschidden Déierenannoncen gi net systematesch vun der Veterinärsinspektioun iwwerpréift; falls awer eng Meldung erakënnt iwwert de Commerce vu verbuedenen Déieren gëtt versicht dës Aktivitéit z'ënnerbannen.

All d'Déierenhändler déi eng Demande fir eng Autorisatioun gemaach hunn, sinn iwwerpréift ginn an wäerten och an den nächsten Joren periodesch kontrolléiert ginn. Falls der Veterinärsinspektioun Aktivitéiten gemellt ginn fir déi keng Autorisatioun vum Minister virleit, gëtt eng Kontroll op der Plaz duerchgefouert.

Wéi kontrolléiert de Landwirtschaftsminister Déierenhändler, déi aus aneren europäesche Länner op lëtzebuergesche Plattformen hir Déiere verkafen?

Falls Déierenhändler aus anere Länner op Plattformen hei Déieren verkafen, ass eng Kontroll ganz schwiereg. Hei muss eng europäesch Léisung fonnt ginn an d'Kommissioun ass sech der Envergure an der Problematik bewosst a planzt dofir d'Gesetzgebung iwwert d'Kontrollen vum Internethandel ze verschäerfen.

Ass den Här Landwirtschaftsminister der Meenung, dass aktuell genuch Kontrollen vum Artikel 6 (2) duerchgefouert ginn?

Aktuell gi genuch Kontrollen am Kader vum Artikel 6 (2) vum Déiereschutzgesetz gemaach mee et muss ee weider verfollegen wéi déi verschidden Aktivitéiten am Déiereberäich sech déi nächst Joren entwéckelen an de Kontrollplang deementspreechend stänneg upassen.
